D'Sëller Jugend, de Club des Jeunes Saeul, ass zréck – mat neier Energie, neien Iddien an engem staarke Wëllen, d'Jugend aus der Gemeng an aus der Regioun zesummenzebréngen. No enger Paus vun e puer Joer ass de Club elo nees aktiv a wëll der Jugend eng Plaz bidden, wou si sech kenneléieren, engagéieren an zesumme Projeten ëmsetze kënnen.

De Club versteet sech als Treffpunkt fir jonk Leit, déi Loscht hunn, aktiv am Gemengeliewe matzemaachen, Verantwortung ze iwwerhuelen an zesummen Aktivitéiten ze organiséieren. Dobäi steet net nëmmen de Spaass am Mëttelpunkt, mee och Zesummenhalt, Respekt an Engagement fir d'Gemeinschaft.

De Club riicht sech u jonk Leit tëscht 16 a 35 Joer, déi motivéiert sinn a Loscht hu mat Deel ze sinn an och aktiv matzewierken.

Presentatioun vum Club

D'Sëller Jugend gouf offiziell de 24. Januar 2025 neigegrënnt. (Reouverture: De Club gouf et schonn an der Vergaangenheet. No enger Paus vun ongeféier engem bis zwee Joer ass en den **26. Januar 2025** offiziell reaktivéiert ginn.)

Ziler a Wäerter

1. De Club steet fir:
2. Zesummenhalt an Teamgeescht
3. Respekt an Oppenheet géintiwwer jidderengem
4. Aktiv Matgestaltung vum Gemengeliewen
5. Fräizäitaktivitéite fir jonk Leit

D'Haaptzil ass et, jonke Leit eng Plattform ze ginn, wou si hir Iddie kënnen abréngen, Verantwortung iwwerhuelen an aktiv un der Entwécklung vun der Gemeinschaft deelhuelen.

Aktivitéiten an Offeren

De Club organiséiert reegelméisseg verschidden Aktivitéiten a Projeten.

Fräizäitaktivitéiten

Wéchentlech Treffen (normalerweis all Freideg)
Gesellschafts- a Spillowender
Thema- oder Filmowender

Sëller Jugend
S J
Since 1981

Event-Organisatioun

Organisatioun vun eegene Veranstaltungen
Hëllef bei Gemengefester
Zesummenaarbecht mat anere Veräiner

Soziaalt - a Gemengen Engagement

Ënnerstëtzung vu Gemengenaktivitéiten
Participatioun u soziale Projeten
Zesummenaarbecht mat lokale Veräiner an Organisatiounen

Zukunftspläng

Fir d'Zukunft plangt de Club:

- Weider Aktivitéiten an Eventer fir d'Jugend
- Ausbau vun der Zesummenaarbecht mat anere Veräiner
- Organisatioun vun Eventer mat der Gemeng
- Weiderentwécklung a Gestaltung vum Clubhaus
- Intellektuell Owender an Informatiounsdeeg

Wien kann Member ginn ?

Member kënne ginn all jonk Leit tëscht 16 a 35 Joer.
Et ass net obligatoresch, an der Gemeng Saeul ze wunnen, mee et ass vu Virdeel, an oder ronderëm de Kanton Réiden / Gemeng Saeul ze wunnen.

- De Club ass op fir jiddereen, deen:
- Eis Wäerter respektéiert
- Motivéiert ass
- Loscht huet sech anzebréngen
- Deel vun enger aktiver Jugendgemeinschaft wëll sinn

Wéi kann een eis kontaktéieren?

Dir kënnt eis iwwer verschidde Weeër erreechen:
Instagram: @cdjsaeul
E-Mail: sellerjugend@gmail.com
WhatsApp (President Emil Jean Fynn Donven): +352 621 689 963
(nëmmen Norichten, net uruffe w.e.g)

Wou fannt Dir eis ?

Clubhaus Adress: „Ale Pompjeesbau“
9, Rue Principale, 7470 Saeul
Aktuell Informatiounen zu Treffen an Eventer ginn iwwer eisen Instagram gedeelt.
Alternativ kann een sech och bei der Gemeng informéieren.

D'Geschicht hannert der Reouverture

No Gespréicher an engem Austausch mat der Gemeng iwwer eng méiglech Reaktivéierung vun der Sëller Jugend ass d'Iddi entstanen, d'Jugend zu Saeul nees aktiv ze vereenen.

Relativ spontan hunn den aktuelle President Emil Jean Fynn Donven, zesumme mat e puer Frënn an och mat Ënnerstëtzung vu Leit aus der Gemeng, beim Chrëschtmaart zu Saeul ausgeholl ef. Si hunn do de Grillstand iwwerholl – an dat huet ganz gutt funktionéiert.

Dës Zesummenaarbecht huet gewisen, wéi vill Motivatioun an Zesummenhalt an der Jugend stécht. No an no huet sech aus där Initiativ nees eng aktiv Grupp gebilt.

Déi éischt offiziell Grënnungsversammlung respektiv Assemblée générale huet den 26. Januar 2025 stattfonnt.

Comité

1. President: Emil Jean Fynn Donven
2. Vizepresident: Collin Gérard Zoller
3. Sekretär: Ben Schaus
4. Tresoriere: Marylene Deltgen

Nächst Event

Meekranz
Méi Informatioune ginn iwwer eis Kanäl veréffentlecht (instagram).

Kommt laanscht, kuckt iech de Club un a léiert eis kennen!







Och zu Sëll ware mir an de Bongert kucken

Äppel, Kiischten, Quetschen ...
Um *Tentenerpad* kuckt de SICONA säit 2010 no den Uebstbeem, wou der mëttlerweil 35 stinn.
Hei an der Gemeng Sëll betreit SICONA insgesamt 225 Uebstbeem, wouvun der 140 an de lëschten 20 Joer gesat goufen.
Mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng, de Proprietairen an dem Ëmweltministère kënnen dës wäertvoll Habitater an eiser Kulturlandschaft fir Mënsch an Deier weider erhale bleiwen.
Vill verschidden Déieren an Insekte liewen an a vum Bongert.
Jonk Beem si wichteg mat hire Bléien an dem Uebst an al Beem mat iren Huelraim vun deenen de Spiecht, de Steekauz oder Gaardeschléifer kënne profitéieren.

Text a Fotoen: SICONA

Visite du verger à Saeul

Pommes, cerises, prunes ...
SICONA s'occupe depuis 2010 des arbres fruitiers plantés tout au long du sentier de Tuntange, dont le nombre s'élève désormais à 35.
Au sein de la commune, SICONA s'occupe au total de 225 arbres fruitiers, dont 140 ont été plantés au cours des 20 dernières années.
Grâce au soutien de la commune, des propriétaires et du ministère de l'Environnement, ces biotopes précieux peuvent être préservés dans notre environnement culturel, au bénéfice des populations humaines et animales.
De nombreuses espèces animales et insectes vivent dans ces vergers.
Les jeunes arbres revêtent une grande importance en raison de leurs fleurs et de leurs fruits, de même que les cavités des vieux arbres sont importantes pour les pics, les chouettes chevêches ou les lérots.

Traduction : K.M.
Photos : SICONA




Dag vum Bam | 15. November 2025

Och den Dag vum Bam 2025 ass dëst Joer an der klenger Gemeng Sëll am November gefeiert ginn. Zesumme mat de Gemengevertrieder, Der ANF mam Fieschter Thierry Hollerich a sengem Team, dem Technesche Service an deene klenge Kanner mat hiren Elteren, ass an der Wiss „Am Dall" zu Sëll, ee Bierebam geplanzt ginn. Ufangs huet de Buergermeeschter Gérard Zoller no senge Wëllkommsgréiss a Wierder vu Merci op de Sënn an Zweck vun dëser naturverbonnener Planzaktioun, déi zesumme mat der lokaler Gaart an Heem Sektioun organiséiert gouf, higewisen, wou dëse Bam deene klenge Sëller, déi am Laf vum Joer 2024 - 2025 op d'Welt komm sinn, geduecht ass an si och bei dëser Geleeënheet als nei Matbierger kënnen ze begréissen. An dem Kontext ass och eng Plackett aus Holz mat den Nimm vun allen Neigebuerenen als Erënnerung bei de Bam gesat ginn. Als Ofschloss vun dëser Planzaktioun huet d'Gemengeverwaltung Sëll op e Patt mat engem gudde Maufel an de Festsall zu Sëll invitéiert, wou och all Elteren nieft engem Rauchmelder e Bong als Merci an Empfang konnten huelen, fir sech e Bam no hirer Wiel kënnen unzeschafen.

(CR)
(Foto: Charles Reiser)

Journée de l'arbre | 15 novembre 2025

La Journée de l'arbre 2025 a également été célébrée ici à Saeul.
Avec les représentants de la commune, le garde forestier Thierry Hollerich et son équipe, le service technique ainsi que les petits enfants et leurs parents, un poirier a été planté dans le pré « am Dall » à Saeul.

Au début, le bourgmestre Gérard Zoller, après avoir souhaité la bienvenue et remercié les participants, a rappelé le sens et le but de cette action de plantation en faveur de la nature, qui a été organisée en collaboration avec la section locale « Gaart an Heem ».
Cet arbre est dédié aux petits citoyens de Saeul qui sont nés au cours de l'année 2024-2025 afin qu'ils puissent être accueillis comme de nouveaux citoyens.
Dans ce contexte, une plaque en bois avec les noms de tous les nouveau-nés ainsi a été installée en leur mémoire.

À la fin de cette action de plantation, l'administration communale de Saeul a invité les participants à boire une coupe de champagne et à manger un petit morceau dans la salle des fêtes, où tous les parents ont reçu un bon pour l'achat d'un arbre de leur choix.

Traduction : K.M.
Photos : Charles Reiser













Wanterconcert vun der Sëller Musek | 30. November 2025

E Sonnden, den 30. November 2025 huet d'Sëller Musek zesumme mat der Bech-Berbuerger Musek ee Wanterconcert am Sëller Festsall gespillt.
Den éischten Deel huet d'Bech-Berbuerger Musek gehalen ënnert der Direktioun vum Daniel Heuschen.
Den zweeten Deel huet d'Sëller Musek gespillt ënnert der Direktioun vum Laurent Peters.

Text: K.M.
Fotoen: Bech.Berbuerger Musek

Concert hivernal de la musique de Saeul | 30 novembre 2025

Le dimanche 30 novembre 2025, la musique de Saeul a tenu un concert hivernal ensemble avec la musique de Bech-Berbourg dans la salle des fêtes de Saeul.
La première partie a été tenue par la musique de Bech-Berbourg sous la direction de Daniel Heuschen.
La deuxième partie a été réalisée par la Musique de Saeul sous la direction de Laurent Peters.

Texte : K.M.
Photos : musique de Bech-Berbourg









Iwwereeche vun enger Corbeille

En Dënschden, den 2. Dezember krut d'Madamm Bégué-Poeckes Marianne vum Gemengerot eng Corbeille iwwerreecht als Unerkennung fir hirt laangjäregt Engagement am OSCARE (Office social du Canton de Redange).

Text: K.M.
Foto: M.S.

Remise d'une corbeille

Le mardi 2 décembre, Mme Bégué-Poeckes Marianne a reçu une corbeille de la part du conseil communal en reconnaissance de son engagement de longue date au sein de l'OSCARE (Office social du Canton de Redange).

Texte : K.M.
Photo : M.S.





Nei Representantin am OSCARE

Nodeems d'Madamm Bégué-Poeckes hire Posten am OSCARE zu Réiden ofginn huet an als Unerkennung fir hir laangjäregt Engagement ee Bouquet Blummen iwwerreecht krut, gouf d'Madamm Goncalves Rodrigues Sofia als nei Representantin vun der Gemeng Sëll am Verwaltungsrot vum OSCARE begréisst.

Text : K.M.
Foto : OSCARE

Nouvelle représentante auprès de l'OSCARE

Après sa démission de l'OSCARE à Redange, Madame Bégué-Poeckes Marianne a reçu un bouquet de fleurs en reconnaissance de son engagement de longue date auprès de l'OSCARE. En même temps, Madame Goncalves Rodrigues Sofia a été accueillie comme nouvelle représentante de la commune de Saeul au conseil d'administration de l'OSCARE.

Texte : K.M.
Photo : OSCARE

Personalfeier vun der Gemeng Säll | 5. Dezember 2025

E Freiden, den 5. Dezember 2025 huet d'Personalfeier vun der Séller Gemeng stattfonnt. De Buergermeeschter, Gérard Zoller huet a senger Ried een Réckbléck op dat vergangent Joer gemaach an uschléissend jidderengem fir seng Leeschtungen a Mataarbecht am leschte Joer Merci gesot.

D'Madamm Bourg-Thielen Gaby krut fir hir Déngschtjoren an der Séller Maison Relais ee Bouquet Blummen iwwerreecht.

Och d'Fotografen, d'Madamm SCHEITLER Michèle an den Här REISER Charles, déi permanent ganz engagéiert Fotoe vun eisen Eventer maache kommen an och alt mol Artikele schreiwen, kruten all als Merci eng kleng Unerkennung a Form vun engem Bong.

Ofgeschloss gouf dës Feier mat engem gemittlechen Iessen am Séller Festsall.

Text: K.M.
Fotoen: K.M., Charles Reiser

Fête du personnel de la commune de Saeul | 5 décembre 2025

La fête du personnel de la commune de Saeul a eu lieu le vendredi 5 décembre 2025. Pendant son discours, le bourgmestre Gérard Zoller a retracé les événements de l'année écoulée et a par la suite remercié les invités pour leurs apports et pour la bonne collaboration durant l'année passée.

Madame Bourg-Thielen Gaby a été honoré pour ses années de service au sein de la maison relais de Saeul et a reçu en remerciement un bouquet de fleurs.

Les photographes, Madame SCHEITLER Michèle et Monsieur REISER Charles, qui s'engagent en continu à prendre des photos de nos manifestations et à écrire des articles pour nous, ont également reçu un petit remerciement en forme de bons d'achat.

La fête s'est poursuivie avec un agréable dîner auprès de la salle des fêtes à Saeul.

Texte : K.M.
Photos : K.M., Charles Reiser









Hellegen Niklosdag | 5. Dezember 2025

E Freiden, de 5. Dezember 2025 ass de Kleeschen zesumme mam Houseker duerch déi eenzel Klassen an der Séller Schoul gaangen, fir all Kand eng Titchen ze iwwerreechen.

Text: K.M.
Fotoen: Séller Schoul

Fête du St. Nicolas | 5 décembre 2025

Le 5 décembre 2025, le Saint-Nicolas, accompagné du Père Fouettard, s'est rendu dans les différentes classes de l'école de Saeul pour remettre un sachet à tous les élèves.

Texte : K.M.
Photos : École fondamente de Saeul









Sëller Chrëschtmaart | 12. a 13. Dezember 2025

E Freiden, den 12. Dezember 2025 an e Samschden, den 13. Dezember huet déi véiert Editioun vum Sëller Chrëschtmaart stattfonnt.

Organiséiert vun de Sëller Veräiner an Zesummenaarbecht mat der Gemengeverwaltung vu Sëll, konnten d'Visiteuren sech un den ënnerschiddleche Stänn erfreeën.

Vu Kürbiszopp an Ierzebulli iwwer Gegrills a bis hin zu Kniddele war fir all Goût eppes dobäi. Och fir den Dessert war mat Paangecher an Eisekuchen gesuergt.

Mat engem waarme Schocki oder Glühwäin hunn d'Leit sech ronderëm d'lewen versammelt an a gemittlecher Ronn zesumme geschwat. Op dëser Editioun vum Chrëschtmaart,hunn d'Veräiner de Kanner konnten ee Kannerpunsch ubidden.

Nieft de sëllegen Iessstänn, konnt een och artisanal Produiten aus der Regioun kafen, esou wéi och flott Bastelwierker vun de Kanner aus der Maison Relais.

De Ritterveräin « Lucilinburhuc » huet mat de Kanner ee Wikinger/Ritter Atelier gemaach.

Och musikalesch gouf eppes gebuet:
Freides ass de Sänger Tim Jäger mat engem Optrëtt um Chrëschtmaart präsent gewiescht.
Samsdes hunn déi jonk Musikanten a verschidden Ensembele vun der Sëller Musek ee Concert an der Sëller Kierch gehal an och d'Sëller Schoulkanner hunn ënnert der Leedung vun der Schoul Owes nach eng Rei Lidder gesong.

Text a Fotoen: K.M.

Marché de Noël à Saeul | 12 et 13 décembre 2025

La quatrième édition du marché de Noël de Saeul s'est déroulée le vendredi 12 décembre 2025 et le samedi 13 décembre.

Organisé par les associations de Saeul en collaboration avec l'administration communale de Saeul, les visiteurs ont pu profiter des différents stands.

De la soupe au potiron et aux pois cassés en passant par les grillades et les quenelles, il ne manquait rien pour satisfaire tous les goûts.

Les visiteurs se sont rassemblés autour des fours chauds en dégustant du chocolat chaud et du vin chaud, permettant ainsi une conversation agréable. Cette édition du marché de Noël, les associations ont pu proposer un punch pour enfants aux enfants.

Parmi tous les stands de restauration, il était ainsi possible d'obtenir des produits artisanaux de la région et des créations artisanales réalisées par les enfants de la Maison Relais.

« Lucilinburhuc » a organisé un atelier de Viking/Chevalier pour enfants.

Le programme musical était également bien fourni : Le chanteur Tim Jäger a animé le marché de Noël avec une prestation musicale le vendredi soir. Le samedi, les jeunes musiciens et différents ensembles de la musique de Saeul ont tenu un concert dans l'église de Saeul en après-midi. Le soir, les enfants de l'école ont présenté quelques chants sous la direction de l'école.

Texte et photos : K.M.




















D'Police war an der Primärschoul

Zanter dem Enn vum éischten Trimester leeft d'Initiativ vun der Police an Zesummenaarbecht mam Educatiounsministère, bei där d'Police de Cycle 2 an de Schoule besicht, fir mat de Kanner um séchere Schoulwee ze schaffen an hinnen ze weisen, wéi een sech bei der Strooss muss behuelen, fir net a Gefor ze geroden.
Si kruten déi wichtegst Saachen erkläert, ob déi Si mussen oppassen, wa Si zu Fouss um Wee fir an d'Schoul sinn.
An dësem Kader hunn d'Kanner och ee Sécherheetsgilet vun der Police offréiert krut, deen se sollen undoen, wa Si op hirem Schoulwee ënnerwee sinn.
Dës Campagne soll awer och ënner anerem drop opmierksam maachen, datt grad an den Dierfer a ronderëm d'Schoulen, ob d'Vitessen opgepasst soll ginn.

Text: K.M.
Foto: Leo Lutgen

La Police a rendu visite à l'école primaire

Depuis la fin du premier trimestre, se déroule une initiative menée par la Police en collaboration avec le ministère de l'Éducation. Dans ce cadre, la Police rend visite aux classes du cycle 2 afin de travailler avec les enfants sur la sécurité du chemin de l'école et de leur montrer comment se comporter correctement aux abords de la route pour éviter tout danger.
Les enfants ont reçu des explications sur les points essentiels auxquels ils doivent prêter attention lorsqu'ils se rendent à pied à l'école.
Dans ce cadre, ils ont également reçu un gilet de sécurité offert par la Police, qu'ils sont invités à porter lors de leurs déplacements sur le chemin de l'école.
Cette campagne vise également à rappeler qu'il est particulièrement important de respecter les limitations de vitesse, notamment dans les villages et aux abords des écoles

Texte : K.M.
Photo : Leo Lutgen





Bamplanzchallenge

Och d'Séller Schoul huet ganz fläisseg bei der Bamplanzchallenge, déi lescht Joer op de soziale Medien ronderëm gaangen ass, matgemaach an ee Bam um Schoulsite geplanzt.

Text: K.M.
Fotoen: Séller Schoul

Défi de plantation d'arbres

L'école de Saeul a également participé avec enthousiasme au défi de plantation d'arbres, qui a circulé l'an dernier sur les réseaux sociaux, en plantant un arbre sur le site scolaire.

Texte : K.M.
Photos : Séller Schoul



Nei Aktivitéit vun der CCVEI Séll - De Projet JU-SE hat den 20. Januar am HPPA Première

Wat ass JU-SE ?

D'Iddi vu JU-SE, "Ee fir den Aneren do", ass einfach: Mënschen am Duerf zesummebréngen – duerch Austausch, klenge Gesten an echten Zesummenhalt am Alldag. An enger Zäit, an där d'Liewen oft anonym an individuell ass, solle Gemeinschaft a Mënschlechkeet nees eng Plaz kréien. Mir wëllen dat duerch gemeinsam Aktivitéiten erreechen, déi d'Méiglechkeet bidden, sech ze treffen, gemeinsam Interessen ze fannen a zesumme weider Aktivitéiten ze organiséieren. Op dës Manéier ziel e mer drop of, d'sozial Liewen an den Dierfer z'erhalen an d'interkulturell an intergenerationell Zesummeliewen ze förderen.

Wien stécht hannert JU-SE ?

D'JU-SE gouf vun der Gemengekommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen (CCVEI) vu Séll an Zesummenaarbecht mat der Gemeng initiéiert, gëtt awer als regionaalt Projet zesumme mat deen aner CCVElen am Kanton Réiden an externe Partenairen an der Regioun émgesat. Dësen Usaz erméiglecht et am Kader vum Pakt vum Zesummeliewen, deen all Gemengen am Kanton Réiden an d'Gemeng Mäerzeg zesummen ënnerschriwwen hunn, méi Leit z'erreechen an d'interkommunal Kooperatioun ze stäerken. D'Initiativ gëtt vun enger regionaler Aarbechtsgrupp geréiert , déi sech reegelméisseg trëfft.

Wat hu mir am HPPA gemaach ?

Am Bistro vum HPPA hate mir den 20. Januar en Themenowend organiséiert un deem 57 Gäscht aus verschidde Gemengen deelgeholl hunn. Fir d'Diskussioun unzefänken, gouf e Video gewise mat Interviewe mat Leit vun all Alter zum Thema Verbesserung vum Zesummeliewen. Zousätzlech haten e puer engagéiert jonk Leit vu Schweebech eng Lëscht mat Froe virbereet, déi op kleng Kaarte gedréckt an op d'Bistrosdëscher geluecht goufen. Dëst huet d'Grondlag fir stimuléierend Gespréicher tëscht den Awunner vun der HPPA an de Bistrogäscht vun all Alter aus dem ganze Kanton Réiden geluecht, wéi eis puer Fotoen iech weisen.

Nouvelles activités de la CCVEI Saeul - Le projet « JU-SE » a débuté le 20 janvier au HPPA

Qu'est-ce que la JU-SE ?

La vision de JU-SE, « L'un pour l'autre » est simple : rassembler les habitants du village - grâce aux échanges, aux petits gestes du quotidien et à une solidarité authentique.
À une période marquée par l'anonymat et l'individualisation, il est essentiel de réaffirmer l'importance du lien communautaire. Nous souhaitons atteindre cet objectif à travers des activités communes offrant la possibilité de se rencontrer, de découvrir des intérêts partagés et d'organiser de nouvelles initiatives. De cette manière, nous visons à préserver la vie sociale dans les villages et à promouvoir le vivre-ensemble interculturel et intergénérationnel.

Qui est à l'origine de JU-SE ?

La JU SE a été initiée par la Commission communale du vivre ensemble interculturel (CCVEI) de Saeul, en collaboration avec la commune. Le projet est toutefois mis en œuvre à l'échelle régionale, conjointement avec les autres CCVEI du canton de Redange ainsi qu'avec des partenaires externes de la région.
Cette approche permet, dans le cadre du Pacte du vivre ensemble signé conjointement par toutes les communes du canton de Redange ainsi que par la commune de Mertzig, de toucher un public plus large et de renforcer la coopération intercommunale. L'initiative est coordonnée par un groupe de travail régional qui se réunit régulièrement.

Qu'avons-nous fait dans le HPPA ?

Le 20 janvier, nous avons organisé une soirée thématique au bistrot du HPPA, à laquelle ont participé 57 invités provenant de différentes communes. Pour lancer la discussion, une vidéo présentant des interviews de personnes de tous âges sur le thème de l'amélioration du vivre ensemble a été projetée. De plus, de jeunes engagés de Schwebach avaient préparé une série de questions, imprimées sur de petites cartes et disposées sur les tables.

Wat soll als nächst geschéien?

De Projet fokusséiert op dräi Beräicher: Kommunikatioun, Evenementer, Reseauen. D'Kommunikatioun déngt dozou, fir de Projet ze sensibiliséieren. Verschidde reegelméisseg Manifestatiounen zielen drop of, d'interesséiert Mënschen zesummenzebréngen an iwwer d'proposéiert Reseauen op WhatsApp a Hoplr kënnen d'Leit déi a Kontakt bleiwe wëllen, dat vun eis ënnerstëtzt organiséieren. Am Moment maache mer Interviewe mat Seniore fir e Buchprojet a preparéiere mat dem Réidener Jugendtreff en anert Event am HPPA. Mat der Eltereschoul hu mir fir Mee eng Konferenz zum Thema " Grousseltere sinn" virgesinn.

Interesséiert ?

Wann dir Froen hutt oder iech am Projet wëllt engagéieren, mellt iech w.e.g. bäi der CCVEI!!

Text: Karsten Küper
Fotoen: ZLK

Cela a constitué la base pour des échanges constructifs entre les résidents du HPPA et les visiteurs du bistrot, issus de différents âges et de l'ensemble du canton de Redange.

Quelles sont les prochaines étapes ?

Le projet se concentre sur trois volets : la communication, les événements et les réseaux. La communication a pour objectif de sensibiliser au projet. Diverses manifestations visent à rassembler les personnes intéressées. Grâce aux réseaux proposés via WhatsApp et Hoplr, les habitants souhaitant rester en contact peuvent facilement poursuivre les échanges et organiser ces manifestations avec notre soutien. Nous menons actuellement des entretiens avec des seniors dans le cadre d'un projet de livre et préparons, avec le Jugendtreff de Redange, un nouvel événement au HPPA. Par ailleurs, une conférence sur le thème « Être grands parents » est prévue en mai en collaboration avec l'École des parents.

Interessé ?

Si vous avez des questions ou vous souhaitez participer au projet, n'hésitez pas à contacter la CCVEI !

Traduction : K.M.
Photos : ZLK



Repair Café | 31. Januar 2026

Samsdes, den 31. Januar 2026 huet nees de Repair Café zu Säll am Festsall stattfonnt. Eng Rei Leit haten de Wee och dohi fonnt an hunn hier Bitzmaschinn, hiert Streckeisen, hire Fernseh, Mixer oder soss elektresch Geräter flécke gelooss. Och eng sëllege Messere goufe geschlaff a Vëloen an d'Rei gesat.
Fir e gutt Stéck Kuch an e Kaffi, Téi oder Jus war och gesuergt. Organiséiert gouf dat Ganzt vum Kanton Réiden mat hirer Equipe vu Repairer, déi dat fräiwëlleg maachen a sech iwwer sou munchen Don gefreet hunn.
De Spillplazegrupp aus dem Team Säll huet de Service vum Iessen a Gedrénks iwwerholl.

Text a Fotoen: Julie Heusbourg

Repair Café | 31 janvier 2026

Le samedi 31 janvier 2026, le Repair Café a de nouveau eu lieu à Saeul, dans la salle des fêtes.
De nombreuses personnes sont venues pour faire réparer leur machine à coudre, leur fer à repasser, leur télévision, leur mixeur ou d'autres appareils électriques. Plusieurs couteaux ont également été aiguisés et des vélos ont été remis en état.
Du gâteau ainsi que du café, du thé et du jus ont été proposés.
L'évènement a été organisé par le canton de Redange avec son équipe de réparateurs bénévoles, qui se sont réjouis de recevoir quelques dons.
Le groupe des aires de jeux du « Team Säll » s'est chargé du service de restauration.

Traduction : K.M.
Photos : Julie Heusbourg















"Mir gi liichten" zu Schweebech

Méindes, den 2. Februar 2026 huet een ab 17 Auer rëm duerch ganz Schweebech den traditionelle "Léiwer Herrgottsblieschen" an de Stroossen héieren.
Well eist Duerf weiderhi wiisst, hu mir eis dëst Joer an 2 Gruppen opgedeelt.
D'Wieder huet och matgespillt an net manner wéi 24 Kanner an en Deel vun hiren Elteren si vun Haus zu Haus mat hire schéine Lampione sange gaang a krute vill Dieren opgemaach, wou all Kand sech eng Schneekegkeet fir a säi Kuerf raussiche konnt. Eng schéin Traditioun, déi net nëmmen d'Lampione mee och vill Kanneraen zum Liichte bruecht huet.

Text a Fotoen : Julie Heusbourg

La chandeleur à Schwebach

Le lundi 2 février 2026, dès 17 heures, la chanson traditionnelle « Léiwer Herrgottsblieschen » a pu être résonnée dans les rues de Schwebach. Cette année, les enfants ont été divisés en deux groupes, grâce au fait que le village continue toujours à s'agrandir.
La météo était clémente et pas moins de 24 enfants, accompagnés des parents, ont parcouru les rues en chantant, leurs beaux lampions à la main.
De nombreuses portes se sont ouvertes, permettant à chaque enfant de choisir une friandise pour garnir son panier.
Une belle tradition qui a illuminé non seulement les lampions, mais aussi les yeux de nombreux enfants.

Texte : K.M.
Photos: Julie Heusbourg







Green Events :

Wann Engagement a Nohaltegkeet zesummekommen

Zu Lëtzebuerg fanne bal all Weekend Fester statt – sief et eng Kiermes, e Festival, e sportlecht oder e kulturellt Event. Dës Manifestatioune sinn e wichtege Bäitrag zu der Liewensqualitéit am Land an an der Gemeng a sinn ouni den Asaz vun de ville Veräiner a Fräiwëllegen net denkbar. Gläichzäiteg bedeiten Eventer awer och Ressourcëverbrauch: lessen a Gedrénks gëtt verkaf, Offall entsteet, Energie gëtt verbraucht an d'Visiteure beweege sech dohinner.

Schonn zanter e puer Joer ënnerstëtzt Green Events d'Organisateuren dobäi, hir Veranstaltungen méi nohalteg ze gestalten – ouni de Spaass an d'Gesellegkeet aus den Aen ze verléieren. Dës Ënnerstëtzung ass ganz konkret: eng duerchduechten Offallgestioun mat Méiwee-Systemer, nohalteg Akeef a lokal Produiten, eng bewosst Offer u lessen a Gedrénks mat regionale a vegetareschen Alternativen, oder och ëmweltfrëndlech Mobilitéitsléisunge fir Visiteuren.

D'Beroder vun der **Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl** an der **SuperDrecksKëscht** stinn de Veräiner an Organisateuren dobäi zur Säit – mat enger individueller a professioneller Berodung a vill konkreten prakteschen Tipps, vun der Planung bis zur Ëmsetzung.

Wëllt Dir Äert nächst Event méi ëmweltfrëndlech gestalten oder Iech informéieren?

www.greenevents.lu

Événements durables :

quand engagement et durabilité font bon ménage

Au Luxembourg, des événements ont lieu presque tous les week-ends, qu'il s'agisse de kermesses, de festivals ou de manifestations sportives et culturelles. Ils contribuent de manière significative à la qualité de vie dans les communes et seraient impensables sans l'engagement de nombreux clubs, associations et bénévoles. Parallèlement, l'organisation d'événements implique également une consommation de ressources : nourriture et boissons sont vendues, des déchets sont générés, de l'énergie est consommée et les visiteurs se déplacent pour s'y rendre.

Depuis plusieurs années, Green Events soutient les organisateurs dans la mise en place de manifestations plus durables, sans pour autant perdre de vue le plaisir et la convivialité. Cet accompagnement est très concret : une gestion réfléchie des déchets avec des systèmes réutilisables, des achats durables et le recours à des produits locaux, une offre consciente de nourriture et de boissons avec des alternatives régionales et végétariennes, ainsi que des solutions de mobilité respectueuses de l'environnement pour les visiteurs.

Les conseillers de l'Ëmweltberodung Lëtzebuerg et de la SuperDrecksKëscht accompagnent les associations et les organisateurs en leur proposant un encadrement personnalisé et professionnel, ainsi que de nombreux conseils pratiques, de la phase de planification jusqu'à la mise en œuvre.

Vous souhaitez rendre votre prochain événement plus respectueux de l'environnement ou en savoir plus ?

www.greenevents.lu



Gemeng Sëll

KANTON REIDEN
ENVIRONNEMENT



Wie wäre es, wenn Sie mit der Installation einer Wärmepumpe Komfort und erneuerbare Energien vereinen?

Die Wärmepumpentechnologie ist moderne und energieeffiziente Heiztechnik: Sie gewinnt Energie aus Luft, Erde oder Wasser und wandelt sie in Wärme für Ihr Zuhause um. Dadurch lassen sich Heizkosten senken und CO_2-Emissionen nachhaltig reduzieren.



Oft kursieren Vorurteile: Wärmepumpen seien nur in Kombination mit einer Fußbodenheizung geeignet, ineffizient bei Kälte oder schlichtweg teuer. Die Realität sieht jedoch anders aus: Wärmepumpen arbeiten auch bei niedrigen Außentemperaturen zuverlässig, eignen sich auch für bestehende Gebäude, bieten einen hohen Komfort und benötigen wenig Wartung.

Attraktiv wird der Umstieg auch durch finanzielle Vorteile, dank der staatlichen und kommunalen Beihilfen sowie der Zuschüsse der Energieversorger.

Für den Einstieg lohnt sich die **kostenlose und unabhängige Grundberatung** von Klima-Agence. Zusätzlich stehen praktische Tools zur Verfügung:

- Die **Checkliste „Wärmepumpen in Wohngebäuden“** für Privatpersonen fasst übersichtlich alle wichtigen Punkte von Planung bis Betrieb zusammen und hilft dabei, das Projekt gut vorzubereiten und erfolgreich umzusetzen: klima-agence.lu/de/installation-waermepumpe
- Mit dem **Beihilfensimulator** können Sie die verfügbaren Förderbeträge (staatliche Klimabonus-Beihilfen, kommunale Förderungen oder Zuschüsse der Energieversorger) simulieren: beihilfen.klima-agence.lu

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Unabhängige und kostenlose Beratung
klima-agence.lu • 28 33 44

Gemeng Sëll

KANTON REIDEN
ENVIRONNEMENT



Et si, avec l’installation d’une pompe à chaleur, vous pouviez allier confort et énergie durable ?

La pompe à chaleur est une technologie de chauffage moderne et performante. Elle capte l’énergie de l’air, du sol ou de l’eau et la transforme en chaleur pour votre logement. Résultat : une baisse des factures et une réduction durable des émissions de CO_2.



De nombreuses idées reçues circulent : réservées uniquement aux planchers chauffants, inefficaces en hiver ou trop coûteuses. La réalité est bien différente : les pompes à chaleur fonctionnent de manière fiable même par basses températures, conviennent aussi aux bâtiments existants, offrent un grand confort et nécessitent peu d’entretien.

Le passage à la pompe à chaleur devient encore plus intéressant grâce aux avantages financiers : aides étatiques, communales et ceux des fournisseurs d’énergie.

Pour bien démarrer, profitez du **conseil gratuit et indépendant** de Klima-Agence. Des outils pratiques sont également à votre disposition :

- la **check-list pompe à chaleur** pour les particuliers, qui résume clairement tous les points essentiels de la planification à l’exploitation et aide à préparer et réussir votre projet : klima-agence.lu/installation-pac
- Le **simulateur des aides**, pour simuler les montants disponibles (aides étatiques Klimabonus, subventions communales ou programmes des fournisseurs d’énergie) : aides.klima-agence.lu

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 28 33 44

Wichteg Ännerunge bei der Ufro vu Baugeneemegungen

D'Gemeng wëll d'Bierger driwwer informéieren, dass sech déi administrativ Ofleef am Beräich vun de Baugeneemegunge geännert hunn.

Eng Baugeneemegung ka **fréistens no engem Mount ausgestallt** ginn. Mir bieden Iech dofir, dëst beim Plangen vun den Aarbechten ze berücksichtegen.

Nei ass och, datt d'Bierger der Gemeng schréftlech **musse matdeelen, wéini d'Aarbechten ufänken a wéini se ofgeschloss sinn**. Dës Informatioune kënne per E-Mail oder iwwert dat Dokument, dat der Baugeneemegung bäileit, iwwermëttelt ginn.

Zousätzlech ass de **Beweis iwwert d'Bezuele vun den Taxe per E-Mail** un technique@saeul.lu ze schécken.

Am Kader vun dësen Ännerunge gëtt et och en neie Formulaire, deen op eiser Internetsäit ze fannen ass.

Den ausgestallte **Certificat** (roude Punkt) gëtt vun der Gemeng op der Plaz installéiert an no engem **Delai vun 3 Méint** erëm ewechgeholl.

Service Technique

Modifications importantes concernant les demandes d'autorisation de construire

L'administration communale souhaite informer les citoyens que les procédures administratives liées aux autorisations de construire ont été modifiées.

Désormais, une autorisation de construire peut-être délivrée au plus tôt après **un délai d'un mois**. Nous vous prions d'en tenir compte lors de la planification de vos travaux.

Il est également obligatoire de **communiquer par écrit à la commune la date de début et la date de fin des travaux**. Cette information peut être transmise par courriel ou au moyen du document joint à l'autorisation de construire.

Par ailleurs, une **preuve de paiement des taxes doit être envoyée par courriel** à l'adresse technique@saeul.lu.
Dans le cadre de ces modifications, un nouveau formulaire a été introduit et est disponible sur le site internet de la commune.

Le **certificat délivré** (point rouge) est posé sur place par la commune et enlevé à l'expiration du **délai de trois mois**.

Service Technique



Upassung vun der järlecher Hondssteier an der Gemeng Sëll

D'Hondssteier gouf fir d'lescht den 19. Dezember 2003, duerch eng Deliberatioun vum Gemengerot, vu 7,50 € op 15 € erhéicht.

An de leschte Joren hunn sech d'Käschte fir den Entretien an d'Botze vun den ëffentleche Plazen an de Gréngflächen am Zesummenhang mat den Exkrementer vun den Hënn däitlech gesteigert.
Zousätzlech huet d'Gemeng reegelméisseg Depensen duerch de Kaf an d'Versuergung vun de Spendere mat Hondstuten, déi fir d'Entsuerge vun den Exkrementer vun den Hënn zur Verfügung gestallt ginn.

An der Gemengerotssëtzung vum 8. September 2025 gouf entscheet, d'Hondssteier op **40 € pro Joer** unzepassen.

Dës Upassung dréit dozou bäi, den Entretien vun den ëffentleche Raimlechkeeten an den Ënnerhalt vun den néidegen Infrastrukture weiderhin ze garantéieren.

D'Hondssteier ass fir dat ganz Kalennerjoer vun all Besëtzer ze bezuelen, dëst op Basis vun den um **1. Januar vum betraffene Joer** deklaréierten Hënn.

D'Reglement gouf den **30. September 2025** duerch en **Arrêté ministériel** offiziell ugeholl.

Text : K.M.

Ajustement de la taxe annuelle sur les chiens dans la commune de Saeul

La taxe sur les chiens avait été modifiée pour la dernière fois en 2003, lors de la séance du Conseil communal du 19 décembre, passant de 7,50 € à 15 €.

Ces dernières années, les coûts liés à l'entretien et au nettoyage des espaces publics et des zones vertes, notamment en raison des déjections canines, ont augmenté de manière significative.
À cela s'ajoutent les frais liés à l'achat et à l'approvisionnement des distributeurs et des sachets destinés à l'élimination des déjections canines, mis à disposition des habitants sur le territoire communal.

Lors de la séance du Conseil communal du 8 septembre 2025, il a été décidé d'ajuster la taxe annuelle sur les chiens à **40 €**.

Cette adaptation vise à assurer le maintien de la propreté des espaces publics et des infrastructures nécessaires.

La taxe est due pour toute l'année civile par la personne physique ou morale qui a la détention du chien sur base des chiens déclarés au **1er janvier de l'année en référence**.

Ce règlement a été officiellement approuvé le **30 septembre 2025** par un **arrêté ministériel**.

Traduction : K.M.





VALORLUX ASBL BE THE CHANGE

Wou kréien ech Valorlux Tuten hier?

- Um site www.valorlux.lu kënnt dir lech gratis umellen an jeeweils ee Rouleau mat 20 Tuten à 60 L bestellen. Dës ginn dann innerhalb vun 10 Wierkdeeg gratis op Är Adress geliwwert.
- Ofhuelen an enger vun hiren Partnertankstellen: Dir kënnt online Är Bestellung maachen an dobäi uwielen op wéi enger vun hire Partnertankstellen, datt dir dës ofhuele wéilt. Kuerz no der Bestellung kritt der een Ziedel, mat deem der Är bestallten Valorluxtuten da kënnt op déi ausgewielten Tankstell siche goen.
- Huelt dir d'Leeschtungen vun Stëftung Hëllef Doheem, Verbandskëscht oder Päiperléck an Asproch ? Da kënnt dir Si froen, datt se lech bei hirer nächster Visitt Valorlux-Tuten matbréngen.
- Op Ärer Gemeng

Valorlux App

Dir kënnt lech och d'Valorlux App roflueden, fir keng Asammlung méi ze verpassen. Dir kënnt souguer eng Erënnerung erstellen fir d'Asammlung.

Wat geschitt mat dem recyclten Material?

All recyclet Material gëtt zu engem neien Rohstoff veraarbecht, fir een anert Material oder een aanere Géigestand draus ze maachen. Eng PET-Fläsch kann zum Beispill zu enger neier Fläsch veraarbecht ginn. Aluminium kann zu neien Gedrénksbécksen veraarbecht ginn.

Wieder Informatiounen fannt dir op

www.valorlux.lu

K.M.

Où obtenir les sacs bleus ?

- Livraison à domicile
  Connectez-vous sur le site www.valorlux.lu/fr et commandez un rouleau avec 20 sacs à 60 l. Les sacs seront déposes dans votre boîte aux lettres dans les dix jours ouvrables.
- Retrait des sacs bleus dans une des stations-service partenaires :
  Vous pouvez commander un rouleau de sacs en ligne et choisissez dans quelle station-service vous souhaitez retirer votre rouleau. Recevez ensuite un bon d'enlèvement qui vous permettra de récupérer votre rouleau de sacs Valorlux dans la station-service choisie.
- Bénéficiez-vous des services de la Stëftung Doheem, de la Verbandskëscht ou de Päiperléck ?
  Demandez à votre prestataire de soins de vous apporter des sacs Valorlux lors de sa prochaine visite chez vous.
- Auprès de votre commune

Application Valorlux

Vous pouvez également télécharger l'application Valorlux afin de ne manquer aucune collecte. Vous pouvez même activer un rappel pour la collecte.

Que deviennent les matériaux recyclés ?

Tous les matériaux collectés et recyclés sont transformés en nouvelle matière première pour créer un autre matériau ou objet. Par exemple, une bouteille en PET peut être transformée en nouvelle bouteille en PET. L'aluminium peut être utilisé pour produire des barquettes pour nourriture.

Vous trouverez davantage d'informations sur

www.valorlux.lu/fr

K.M.

BLUE BAG · SAC BLEU · BLAUER SACK ·

CONSIGNES DE TRI · SORTIERANLEITUNG · SORTING GUIDE

Dans le sac bleu Valorlux · Im blauen Valorlux-Sack · In the Valorlux blue bag

uniquement · nur · only

BLUE BAG · SAC BLEU · BLAUER SACK ·

NEW

Bouteilles et flacons en plastique
Plastikflaschen und -flakons
Plastic bottles and containers

Emballages métalliques
Metallverpackungen
Metal packaging

Cartons à boisson
Getränkekartons
Beverage cartons

Pots, gobelets et barquettes en plastique
Plastiktöpfe, -becher und -schalen
Plastic pots, cups and trays

Films et sacs en plastique · Plastikfolien und -tüten · Plastic films and bags

MAX. 5L | VIDE · LEER · EMPTY

PAS DE PLASTIQUE NOIR · KEIN SCHWARZER KUNSTSTOFF · NO BLACK PLASTIC

VALORLUX BE THE CHANGE

Collecte toutes les deux semaines.
Abfuhr alle zwei Wochen.
Collection every two weeks.

Disponible sur:
Verfügbar unter:
Available on:
www.valorlux.lu



arcus

Concours :
E Stopp fir de Mupp



Fir proppert Waasser – Upassunge vum Waasserpräis

An de leschten zéng Joer hu mir an der Gemeng grouss Efforte gemaach, fir eis Waasserversuergung an d'Ofwaassersystem un déi haiteg Ufuerderungen unzepassen an iech eng sécher a qualitativ héichwäerteg Versuergung mat propperem Waasser ze garantéieren. Souwuel beim Drénkwaasser wéi och beim Ofwaasserreseau si substantiell Investissementer gemaach ginn. Dëst ëmfaasst ë. a. den neie Waasserbehälter um Ditzebierg an d'jäerlech Ënnerhaltsaarbechten un iwwer 12 km ginn. Bei ville Stroossenbauprojeten goufen d'Waasser an d'Ofwaasserleitungen nei verluet, an eng nei Zubringerleitung fir d'Drénkwaasserversuergung vum Uert Saeul gouf gebaut.

Mir kafen eist Drénkwaasser beim Drénkwaassersyndikat DEA. Well och do d'Käschten an d'Luucht gaange sinn, hu mir dëst Joer eise Waasserpräis missen upassen, fir der nationaler Waassergesetzgebung ze entspriechen, déi ee kostendeckende Präis verlaangt. Zënter 2016 gouf de Waasserpräis net méi ugepasst.

Ab Januar 2026 gëllen dofir déi nei Tariffer beim Drénk- an Ofwaasser. Dir fannt hei en Iwwerbléck iwwer déi ugepassten Präisser :

Domaine / Secteur	**Eau potable**		**Eau usée**	
	Taxe variable	Taxe fixe	Taxe variable	Taxe fixe
	€/m3 hTVA	€/mm/an hTVA	€/m3	€/Ehm/an
Ménages	4,70	12,00	4,00	50,00
Industrie	1,75	42,00	1,40	245,00
Agriculture	2,05	39,00	1,65	230,00
HORECA	2,90	31,00	2,35	175,00
* mm = diamètre du raccordement d'eau ; eau potable +3% TVA ; Ehm = équivalent habitant moyen ;				



Bei der drëtter Visitt vun der Quell Kaschbur zu Iener, déi den 18. Abrëll 2026 um 15:30 Auer stattfënnt, wäert de Schäfferot och präsent sinn, fir är Froen zum Waasserpräis ze beäntweren. Natierlech stinn de Schäfferot an d'Verwaltung Iech och ausserhalb vun der Visitt gär zur Verfügung fir är Froen zu dësem Thema.

Pour une eau propre – Adaptation du prix de l'eau

Au cours des dix dernières années, la commune a réalisé d'importants efforts afin d'adapter notre approvisionnement en eau potable et notre système d'assainissement aux exigences actuelles, garantissant ainsi une alimentation fiable et de haute qualité en eau propre. Des investissements conséquents ont été effectués tant dans le réseau d'eau potable que dans celui des eaux usées. Cela inclut notamment le nouveau réservoir d'eau sur le Ditzebierg ainsi que l'entretien annuel de plus de 12 km de conduites. La station d'épuration d'Ehner a été achevée et le collecteur vers la station d'épuration régionale de Boevange a été installé. Dans le cadre de nombreux travaux routiers, les conduites d'eau potable et d'assainissement ont été renouvelées, et une nouvelle conduite d'adduction pour l'approvisionnement en eau potable du village de Saeul a été construite.

Nous achetons notre eau potable auprès du syndicat intercommunal DEA. Comme les coûts y ont également augmenté ces dernières années, nous avons dû adapter le prix de l'eau cette année afin de respecter la législation nationale qui impose un prix couvrant les coûts. Depuis 2016, aucun ajustement du prix de l'eau n'avait été effectué.

À partir de janvier 2026, les nouveaux tarifs pour l'eau potable et les eaux usées entreront en vigueur. Vous trouverez ci dessous un aperçu des prix ajustés :

Domaine / Secteur	**Eau potable**		**Eau usée**	
	Taxe variable	Taxe fixe	Taxe variable	Taxe fixe
	€/m3 hTVA	€/mm/an hTVA	€/m3	€/Ehm/an
Ménages	4,70	12,00	4,00	50,00
Industrie	1,75	42,00	1,40	245,00
Agriculture	2,05	39,00	1,65	230,00
HORECA	2,90	31,00	2,35	175,00
* mm = diamètre du raccordement d'eau ; eau potable +3% TVA ; Ehm = équivalent habitant moyen ;				



Lors de la troisième visite de la source Kaschbur à Ehner, qui aura lieu à le 18 avril 2026 à 15h30, le collège échevinal sera également présent afin de répondre à vos questions concernant le prix de l'eau. Bien entendu, le collège échevinal et l'administration restent également à votre disposition en dehors de la visite pour toute question supplémentaire relative à ce sujet.

Fir proppert Waasser - kommt kucken!
Pour une eau propre - venez découvrir!

18.04.2026

Visitt vun der Quell Kaschbur/ *Visite de la source d'eau Kaschbur*

- **am Bësch bei Iener**
  dans la forêt près d'Ehner
- **Visite : 45min, 3 Départs: 13h30 / 14h30 / 15h30**
- **Info zum Treffpunkt & Umeldung (bis 16.04) via QR Code :**
  Info sur le point de départ & inscription (avant 16.04) via QR Code :



Eis Quellfaassungen ënnerleie strenge Qualitéitsnormen, déi mat der Zäit och ëmmer weider evoluéieren. Sou wonnert et net, datt dës Quell aus dem Joer 1926 an de leschten honnert Joer 3 mol renovéiert gouf. D'Haaptsanéierung huet tëscht 2023 an 2025 stattfonnt an dës Kéier gouf och dru geduecht, fir d'Quell esou ze amenagéieren, datt se fir Visitte vun der Ëffentlechkeet ka genotzt ginn. Am Géigesaz zu villen anere Quellfaassunge kann een am Kaschbur ganz gutt gesinn, wéi d'Waasser direkt aus dem Fiels erauskënnt an opgefaange gëtt.

De Kaschbur bei Iener ass d'Haaptquell vum Drénkwaassersyndikat DEA. Am Kader vum internationalen Dag vum Waasser mécht den Drénkwaasserschutz-Animateur vun der DEA dat nei renovéiert Gebai op, fir daat d'Bierger aus der Gemeng Saeul dëst Häerzstéck vun der Waasserversuergung aus der Regioun besiche kënnen.



Nos captages d'eau souterraine sont soumis à des normes de qualité strictes, qui évoluent constamment au fil du temps. Le Kaschbur, datant de 1926, a été rénovée à trois reprises au cours des cent dernières années. La rénovation principale a eu lieu entre 2023 et 2025. Dans le cadre de la Journée mondiale de l'eau, l'animateur des zones de protection des sources de la DEA ouvre les portes de ce bâtiment récemment rénové afin que les habitants de la commune de Saeul puissent découvrir une des pièces maîtresses de la distribution de l'eau dans la région.

Fir proppert Waasser - kommt kucken!
Pour une eau propre - venez découvrir!

25.04.2026

Sortie „Erlieft d'Fësch hautno"/ *Nos poissons - découvrez-les de près*

- **Colmer-Bierg am Park bei der Atert**
  Parc de Colmar-Berg
- **Visite : 14h-16h**
- **Umeldung** bis den 23.04. op: maison.eau@attert.com
  Inscriptions jusqu'au 23.04. à l'adresse e-mail ci-dessus



Fir d'Waasserqualitéit an der Atert ze iwwerwaachen, gi vun der Waasserverwaltung reegelméisseg Analyse gemaach. Dozou gehéiert och all puer Joer eng elektresch Fëscherei duerchzeféieren, well och d'Zesummesetzung vun der Fëschpopulatioun ee Réckschloss op proppert Waasser gëtt.

De 25. Abrëll weise mir iech ze Colmer, wéi esou eng Befëschung gemaach gëtt. Dir kritt och d'Méiglechkeet e puer kleng Frellen an d'Atert auszesetzen. A wann der bei eisem Gewënnspill op der Platz matmaacht, dann huet dir d'Méiglechkeet eent vun de Bicher « Les poissons au Luxembourg » ze gewannen.

Wichteg: Dës Aktioun ass staark wiederofhängeg a muss bei Reen ofgesot oder verluecht ginn. Dofir biede mir iech, sech unzemellen, fir dat mir iech wann néideg kontaktéiere kënnen.

Important: *Cet événement est fortement tributaire des conditions météorologiques et pourrait être annulé ou reporté en cas de pluie. Nous vous demandons donc de vous inscrire afin que nous puissions vous informer si besoin.*

Administration de la gestion de l'eau
Grand-Duché de Luxembourg

Dës Aktioun gëtt duerchgefouert an Zesummenarbecht mat den Ëmweltkommissioune vu Colmer-Bierg a Bissen

Perséinlechkeeten aus der Gemeng Sëll

Deel I

BLAISE Johann-Mathias

De Johann-Mathias Blaise ass de 6. Mäerz 1732 zu Mäertert op d'Welt komm. Hien ass virun allem duerch seng Korrespondenz (1793-1796) mat dem Grof vun Aansebuerg, bekannt. D'Aansebuerger Archiv enthält dës Bréiwer, an deenen de Grof iwwert déi revolutionär Ereegnesser a Frankräich an den Amarsch vun de franséische Revolutiounstruppe wärend de Joren 1789-1795 erzielt. De Paschtouer Blaise war ee villsäitegen an interesséierten Observateur vun der Aktualitéit an huet senger Por am Joer 1790 och eng handgezeechent geografesch Kaart vun der Atert-, Esch- a Sauergéigend hannerlooss. Op dëser, bemierkenswäerter an detailléierter Kaart fënnt een op der Récksäit een Entworf vun engem Tausch vu Landparzellen zwëschent der Porkierch Sëll an der Famill Staffels. 1761 gouf de Johann-Mathias Blaise als Paschtouer fir d'Helleg Hubertus Kierch zu Sëll ugeholl.

Iwwert d'Joren ewech huet en dunn eng sëlleg Bréiwer geschriwwen, ugefaang mat engem iwwer d'Schluecht tëscht den Éisträicher an de Fransousen an der Géigend tëscht Arel an der Gäichel, déi 1793 stattfonnt huet. 1794 huet en dann an engem verzweifelte Bréif driwwer beriicht, datt d'Baueren 2 Malter (historesche Kärevolume, dee jee no Regioun an Epoch staark variéiert huet, oft awer am Beräich vu méi honnert Liter louch) a véier Bëndel Hee liwwere missten an dofir just ee Reçu kruten, awer kee Geld.

Hie wollt mat dëse Bréiwer ausdrécken, datt d'Land dem Honger ausgesat ass, well déi gesammelt Kären am Ree geschnidde goufen an doduerch d'Brout net ze genéisse wier.
Och no der Victoire vun de franséische Revolutiounstruppen am Joer 1795, bleift de Johann-Mathias géigeniwwer vum « régime français » mësstrauesch.

Ab dem Joer 1798 war hien dunn op der Flucht, well him virgeworf gouf, datt hien ëffentlech Massen ofgehal an een Eed verweigert huet. Hie gouf zu enger Geldstrof an Héischt vu 500 Frang an enger Prisongsstrof vu 5 Méint verurteelt. Hien ass allerdéngs ënnergedaucht an et ass een dovun ausgaang, datt hien heemlech Masse gehal huet.
Den 12. Juli 1802 huet hien sech dann trotzdeem zu dem Accord tëscht Napoleon an der kathoulescher Kierch bekannt. Duerch seng Ënnerschrëft huet d'Por Sëll och nach verschidde Lännereie behal.

Den 29. Dezember 1808 ass de Paschtouer Blaise dann zu Sëll gestuerwen an ass och hei begruewe ginn.

Personnalités de la commune de Saeul

Partie I

BLAISE Johann-Mathias

Johann Mathias Blaise est né le 6 mars 1732 à Mertert. Il est surtout connu pour sa correspondance (1793–1796) avec le comte d'Ansembourg, conservée dans les archives du château. Dans ces lettres, le comte décrit les événements de la Révolution française et l'arrivée des troupes révolutionnaires entre 1789 et 1795. Le curé Blaise était un observateur curieux et très attentif à son époque. En 1790, il a également laissé à sa paroisse une carte géographique dessinée à la main des régions de l'Attert, de l'Eisch et de la Sûre. Au verso de cette carte remarquable et très détaillée figure un projet d'échange de parcelles entre l'église paroissiale de Saeul et la famille Staffels. En 1761, Johann Mathias Blaise a été nommé curé de l'église Saint Hubert à Saeul.

Au fil des années, il a rédigé de nombreux courriers, dont le premier relate la bataille entre les Autrichiens et les Français dans la région entre Arlon et Geichlingen, qui a eu lieu en 1793.
En 1794, il écrit ensuite une lettre désespérée dans laquelle il explique que les paysans ont dû livrer deux Malter (une ancienne unité de volume pour les céréales, variant selon la région mais souvent équivalente à plusieurs centaines de litres) ainsi que quatre bottes de foin, et qu'en échange ils n'ont reçu qu'une quittance, mais aucun paiement.

Par ses lettres, il voulait faire comprendre que le pays était en proie à la faim, car les céréales récoltées sous la pluie rendaient le pain quasiment immangeable. Même après la victoire des troupes révolutionnaires françaises en 1795, Johann Mathias reste profondément méfiant envers le « régime français ».

À partir de 1798, il a dû prendre la fuite, étant accusé d'avoir célébré des messes publiques et d'avoir refusé de prêter serment. Il a été condamné à une amende de 500 francs ainsi qu'à une peine de cinq mois de prison. Il s'est toutefois caché, et l'on suppose qu'il a continué à célébrer des messes en secret. Le 12 juillet 1802, il a finalement accepté l'accord conclu entre Napoléon et l'Église catholique. Grâce à sa signature, la paroisse de Saeul a pu conserver plusieurs de ses terres.

Le 29 décembre 1808, le curé Blaise est décédé à Saeul, où il a également été enterré.



Saeul Grabstein von Pfarrer Johann-Mathias Blaise - Inschrift N. Blaes, Pastor, Gest. 1808, R.I.P

DROY Heinrich (Henri)

« Den Droui »

Den Henri Droy ass den 29. Februar 1856 zu Tënten gebuer. Spéider ass hien op Sëll geplënnert, wou en dann « Den Droui » genannt gouf. Hien war Usträicher an Tapezéierer, huet awer leidenschaftlech gäre gesongen.
Den Henri war ënner anerem och ee Member vun der « Chorale Sainte-Cécile ». Hien huet awer net nëmme bekannte Vollekslidder gesong, mee och als Bänkelsänger Moritater (am 19. Joerhonnert war dëst eng populär Form vum Bänkelgesang, déi schauereg Evenementer, Verbriechen an tragesch Schicksaler a Liddform erzielt) a Gesangsstécker komponéiert.
Den 3. Dezember 1922 ass hien a sengem Doheem zu Sëll verstuerwen a gouf zu Tënten begruef.

Den Alphonse Pütz huet den Henri Droy an engem Artikel, deen 1954 am Lëtzebuerger Land publizéiert gouf esou beschriwwen:
« Hien ass op d'Welt komm, huet gesong an ass fort gaangen. »



Archivbild - Heinrich Droy (Ausschnitt aus dem Archivbild - « Chorale Sainte Cécile » um 1907, vgl Kap. VIII)

HEIDERSCHEIDT Pierre (Peter)

Den 28. Juli 1803 ass de Pierre Heiderscheidt an eng al Sëller Famill gebuer ginn. 1818 ass hien an d'Athenäum (weiderféierend Schoul) vu Lëtzebuerg agetrueden. Vun 1822-1824 huet en do philosophesch an akademesch Kuere beluecht. Ee vu senge Monnie wollt hien zwéngen ee Priisterseminaire ze maachen. Vu datt dëse Monni hie soss ëmmer finanziell ënnerstëtzt huet, huet dësen him all finanziell Hëllef gestrach, well de Pierre dëse Seminaire net maache wollt.

Duerch Privat Nohëllefsstonnen huet hien seng Studien op der Uni vu Léiwen (Université de Louvain) finanzéiert a weider gefouert. 1834 huet hien als Dokter vun de Wëssenschaften an der Philosophie mat der « gréisster Auszeechnung » promovéiert.
Am Dezember vum selwechte Joer huet hien dann och nach de Grad vum Dokter vum réimeschen a moderne Recht kritt.
Spéider gëtt hien dann Professer zu Herenthal, an der Provënz Antwerpen an zu Brabant.

Duerno huet hien d'Fachrichtung gewiesselt a Mathematik am Institut St. Louis zu Mechelen gehal.
1851 ass en dunn och nach Professer vun der zweeter laténgesch Klass am kinneklechen Athenäum vu Mons geruff.
1855 war en dunn an dat kinneklecht Athenäum vu Léck gewiesselt.

Den 1. Oktober 1860 ass de Pierre Heiderscheidt zu Herenthals verstuerwen.

DROY Heinrich (Henri)

« Den Droui »

Henri Droy est né le 29 février 1856 à Tuntange. Il s'est ensuite installé à Saeul, où il était connu sous le nom de « Den Droui ». Il exerçait les métiers de peintre en bâtiment et de tapissier, et avait par ailleurs une grande passion pour le chant. Henri était notamment membre de la « Chorale Sainte Cécile ». Il ne se limitait toutefois pas aux chants populaires connus ; il interprétait autant des moritates (une forme de chant narratif très répandue au XIXe siècle, relatant des événements dramatiques, des crimes ou des destins tragiques) en tant que Bänkelsänger (chanteur-narrateur) et composait ses propres pièces vocales.
Il est décédé le 3 décembre 1922 à son domicile à Saeul et a été inhumé à Tuntange.

Alphonse Pütz a dressé de lui le portrait suivant dans un article publié en 1954 dans le « Lëtzebuerger Land » : « Il est venu au monde, il a chanté et il s'en est allé. »

HEIDERSCHEIDT Pierre (Peter)

Pierre Heiderscheidt est né le 28 juillet 1803 au sein d'une ancienne famille de Saeul. En 1818, il est entré à l'Athénée de Luxembourg, où il a entamé ses études secondaires. De 1822 à 1824, il y a suivi des cours de philosophie et des enseignements académiques. L'un de ses oncles souhaitait le contraindre à entrer au séminaire de prêtres. Cet oncle, qui l'avait jusque là soutenu financièrement, a cessé toute aide en raison du refus de Pierre d'intégrer le séminaire.

Grâce aux cours particuliers qu'il dispensait, Pierre a toutefois pu assurer le financement et la poursuite de ses études à l'Université de Louvain. En 1834, il a obtenu le titre de docteur en sciences et en philosophie, avec la plus haute « distinction ».
En décembre de la même année, il a également obtenu le grade de docteur en droit romain et en droit moderne.
Par la suite, il a exercé comme professeur à Herentals, dans la province d'Anvers, ainsi qu'en Brabant.

Il a ensuite changé de domaine et a enseigné les mathématiques à l'Institut Saint Louis de Malines.
En 1851, il fut nommé professeur de la seconde classe latine à l'Athénée royal de Mons.
En 1855, il fut transféré à l'Athénée royal de Liège.

Pierre Heiderscheidt est décédé à Herentals le 1er octobre 1860.

KLEIN Mars

De Mars Klein ass den 8. Dezember 1948 op d'Welt komm. No senger Studienzäit a Lëtzebuerg, huet hie Germanistik zu Marburg an zu Tréier studéiert.
Duerno huet hien a verschidde Lëtzebuerger Lycéeën ënnerriicht.

Hien gehéiert zum Aarbechtsgrupp, deen d'Schoulbuch « Lëtzebuergesch Texter fir postprimär Schoulen » eraus ginn huet. Als Mataarbechter vum Kulturministère huet hien sech fir d'Grënnung vum « Centre national de littérature » agesat an ass Grënnungsmember vun der « Fondation Servais pour la littérature Luxembourgeoise ».
Bekannt ginn ass hien als Kabarettist mat senge Wierker wéi beispillsweis « K(l)leineswegs », « Kleinlaut » oder « Für Fürst und Kleinvaterland ».

An dëse Cabarete setzt hien sech kritesch mat dem Kulturbetrib an dem Schoulwiesen, der Monarchie awer och der Kierch auserneen. Zanter enger Rei Joren huet e säi Wunnsëtz zu Sëll.

(Text: K.M.)

Informatiounsquell :
- Buch « Aus den Annalen der Gemeinde Saeul » vum WOLFF Guy

KLEIN Mars

Mars Klein est né le 8 décembre 1948.
Après ses études au Luxembourg, il a poursuivi des études de germanistique à Marburg et à Trèves.
Il a ensuite enseigné dans plusieurs lycées luxembourgeois.

Il fait partie du groupe de travail qui a publié le manuel scolaire « Lëtzebuergesch Texter fir postprimär Schoulen ». En tant que collaborateur du ministère de la Culture, il s'est engagé en faveur de la création du « Centre national de littérature » et il est membre fondateur de la « Fondation Servais pour la littérature luxembourgeoise ».
Il s'est fait connaître dans le domaine du cabaret grâce à ses œuvres telles que « K(l)leineswegs », « Kleinlaut » ou encore « Für Fürst und Kleinvaterland ».

Dans ses œuvres de cabaret, il porte un regard critique sur le milieu culturel et le système éducatif, mais également sur la monarchie et l'Église.
Depuis plusieurs années, il a établi sa résidence à Saeul.

(Traduction : K.M.)

Source d'information :
- Livre « Aus den Annalen der Gemeinde Saeul » de WOLFF Guy



Mars Klein Foto © autorenlexikon.lu





Op knapp 500 Säite fannt dir net nëmmen Informatiounen iwwert verschidde grouss Perséinlechkeeten aus der Gemeng Sëll, ma dir kënnt Iech och een erweidert Bild vun eiser schéiner Gemeng maachen.

Wien gäre méi iwwert d'Gemeng Sëll well gewuer ginn, dee kann dëst Buch gären op der Sëller Gemeng (bor) kafen.

« Aus den Annalen der Gemeinde Saeul »
WOLFF Guy







Dës Dokumentatioun erzielt op knapp 130 Säiten déi zweehonnertjäreg Geschicht vun dem Sëller Restaurant « Maison Rouge ». Dëse Restaurant gëllt nieft der Sëller Basilika als zweet lokaalt Kennzeechen.

Unhand vun zäitgenëssesche Presseartikel an Dokumenter, zur Verfügung gestallt vun der Nationalbibliothéik (BnL) an awer och mat Hëllef vun historeschen Opnamen, déi gréisstendeels aus Privatarchiven an der « Photothèque de la Ville de Luxembourg » stamen, konnt dës Publikatioun vum Guy Wolff verfaasst ginn.

Dëst Wierk riicht sech un all Unhänger a Frënn vun der « Maison Rouge ».

Wien gäre méi doriwwer well gewuer ginn, dee kann dëst Buch gäre fir 30 € an enger vu follgenden Ernster Librairië kafen:

- Bartreng (City Concorde a Belle Etoile)
- Ettelbréck (Groussgaass)
- Uewerstad (Lëtzebuerg)
- Miersch (Topaze)

« Maison Rouge – Rückblick auf eine zweihundertjährige Geschichte »
WOLFF Guy



Ouschterquiz vun de Servicer Tourisme & Vivre Ensemble

Op Schatzsich mam Ouschterhues am Wëlle Westen

An den Ouschtervakanz organiséieren d'Servicer Tourisme & Vivre Ensemble fir d'Kanner mat hire Familljen eng ganz besonnesch Entdeckungstour: eng Ouschter-Schatzsich op eege Fausch duerch verschidde Gemengen an touristesch Plazen aus dem Wëlle Westen.

Mat enger Schatzkaart ausgerëscht, maachen d'Kanner sech op de Wee. D'Plazen si just duerch Symboler markéiert. Rätselhafte Beschreiwunge hëllefen hinnen erauszefannen, wou genee si musse sichen. Dobäi entdecken d'Kanner op spilleresch Aart a Weis de Wëlle Westen.

D'Schatzsich ass kannerfrëndlech opgebaut, kann zu all Moment an der Ouschtervakanz (28.03. – 12.04.) gemaach ginn.

Eng Umeldung ass obligatoresch bis den 26.03 iwwert tourisme@kanton-reiden.lu

Den 27.03 kréien d'Participanten all néideg Dokumenter fir un der Schatzsich deelzehuelen.

Quiz de Pâques des services Tourisme & Vivre Ensemble

À la chasse au trésor avec le lapin de Pâques au Wëlle Westen

Pendant les vacances de Pâques, les services Tourisme & Vivre Ensemble invitent les enfants et leurs familles à participer à une découverte tout à fait particulière : une chasse au trésor de Pâques à réaliser en toute autonomie, à travers plusieurs communes et sites touristiques du Wëlle Westen.

Munis d'une carte au trésor, les enfants partent à l'aventure. Les lieux sont indiqués uniquement par des symboles et ce sont des énigmes qui leur permettront de découvrir où chercher exactement. De manière ludique, les enfants explorent ainsi le Wëlle Westen et ses richesses.

La chasse au trésor est adaptée aux enfants et peut être réalisée librement pendant toute la période des vacances de Pâques, du 28.03 au 12.04.

L'inscription est obligatoire avant le 26.03 via tourisme@kanton-reiden.lu

Le 27.03, les participants recevront l'ensemble des documents nécessaires pour participer à la chasse au trésor.

OP SCHATZSICH MAM OUSCHTERHUES AM WËLLE WESTEN

Ouschterquiz vun de Servicer Tourisme & Vivre Ensemble

Ouschtervakanz (28.03. – 12.04.)



Eng Umeldung ass obligatoresch bis den 26.03

tourisme@kanton-reiden.lu

À LA CHASSE AU TRÉSOR AVEC LE LAPIN DE PÂQUES AU WËLLE WESTEN

Quiz de Pâques des services Tourisme & Vivre Ensemble

Vacances de Pâques (28.03. – 12.04.)



L'inscription est obligatoire avant le 26.03

tourisme@kanton-reiden.lu

Législation anti-tabac
Proposition de texte pour votre bulletin communal

Fondation Cancer
Info · Aide · Recherche

209, route d'Arlon
L-1150 Luxembourg
T 45 30 331
E fondation@cancer.lu
www.cancer.lu

LU

Verstäerkung vum Gesetz géint Tubak a Nikotinproduiten

Dat neit Gesetz betreffend der Bekämpfung vum Tubakskonsum ass den 1. Januar 2026 a Kraaft getrueden. Dëst Gesetz huet d'Zil, d'Gesondheet vun der Bevëlkerung – besonnesch vu Kanner a Jonker – besser ze schützen, andeems erhëtzten Tubaksproduiten, Nikotinsäckelcher an aner nei Nikotinproduiten méi streng gereegelt ginn.

Dës Produiten ënnerleien de selwechte Reegele wéi traditionell Zigaretten: Zousazstoffer wéi CBD oder Kaffein si verbueden. De Konsum vun dëse Produiten ass op alle Plazen verbueden, wou Kanner a Jonker ënnerwee sinn, wéi z. B. Schoulen, Spillplazen oder aner ëffentlech Raim. Zousätzlech ass de Verkaf u Persounen ënner 18 Joer strikt verbueden an däitlech Gesondheetswarnungen mussen affichéiert ginn. De Nikotingehalt an den Nikotinsäckelcher an aner nei Nikotinproduiten ass op maximal 0,048 mg pro Säckelchen, oder pro Eenheet limitéiert.

Dëst Gesetz stellt e wichtege Schrëtt duer fir d'ëffentlech Gesondheet ze stäerken an de Schutz vun de Jonken ze verbesseren.

Méi Informatiounen: https://maviesanstabac.lu/lois/ oder https://www.generationsanstabac.lu/

FR

Renforcement de la législation contre les produits du tabac et produits nicotiniques

La nouvelle loi relative à la lutte antitabac est entrée en vigueur le 1er janvier 2026. Cette loi a pour objectif de mieux protéger la santé de la population, et en particulier celle des enfants et des jeunes, en renforçant l'encadrement des produits du tabac chauffés, des sachets de nicotine et des nouveaux produits nicotiniques.

Ces produits sont désormais soumis aux mêmes règles que les cigarettes traditionnelles : les additifs tels que le CBD ou la caféine sont interdits. La consommation de ces produits est interdite dans tous les lieux fréquentés par les enfants et les jeunes, tels que les écoles, les terrains de jeux ou d'autres espaces publics. En outre, la vente à des personnes de moins de 18 ans est strictement interdite et des avertissements sanitaires clairs doivent être affichés. La teneur en nicotine des sachets de nicotine et des nouveaux produits nicotiniques est limitée à un maximum de 0,048 mg par sachet ou par unité.

Cette loi constitue une étape importante pour le renforcement de la santé publique et la protection des jeunes.

Plus d'informations : https://maviesanstabac.lu/lois/ ou https://www.generationsanstabac.lu/

MUSIK ohne GRENZEN

Interkulturelles Musikprojekt für die Großregion

KONZERTE

im Atert-Lycée Redange

&

Schengen-Lyzeum Perl

um 18h30

MERCREDI
25
FÉVRIER 26
am ALR

JEUDI
19
MARS 26
am SLP

Interreg

Cofinancé par l'Union Européenne
Kofinanziert von der Europäischen Union

Grande Région | Großregion

ATERT LYCÉE REDEN

FÖRDERVEREIN DEUTSCH-LUXEMBURGISCHES SCHENGEN-LYZEUM

YourConnectivity Box

The right tool for a safer, clearer digital world

Have you ever wondered...

- How to cancel your contract hassle-free?
- How to test your internet speed?
- How to protect your passwords, data, and rights?
- How to spot scams and fake news?

MyConnectivity created a deck of cards that simply answers 40 questions that everybody asks themselves!

Each card gives you:
- **Simple, practical explanations**.
- **Tips to avoid common traps**.
- **QR codes** linking to additional online content.

Request your free card deck from your local municipality and take control of your telecom and digital services!

An initiative by **MyConnectivity**, working towards a connected Luxembourg that is accessible to all.

Internet ○ Telefon
Telekommunikatiounsrechter
Sécherheet

Internet ○ téléphone ○ droits Telecom ○ sécurité
Internet ○ mobile ○ telecom rights ○ security



MYCONNECTIVITY

Dir mengt, Dir wësst alles?
Vous pensez tout savoir?
Think you know it all?

myco.lu/box

YourConnectivity Box

Dat richtegt Instrument fir eng méi sécher a méi kloer digital Welt.

Hutt Dir lech scho gefrot...

- Wéi Dir ouni Stress Äre Kontrakt kënnege kënnt?
- Wéi Dir d'Vitess vun Ärem Internet teste kënnt?
- Wéi Dir Är Passwierder, Donnéeën an Är Rechter schützt?
- Wéi Dir Scamen a Falschinformatiounen erkennt?

MyConnectivity huet e Kaartespill erausginn, dat kloer Äntwerten op 40 Froe gëtt, déi vill Leit sech stellen!

All Kaart bitt lech:
- **Einfach a konkret Erklärungen**,
- **Rotschléi, fir Falen ze vermeiden**,
- **QR Codë** féieren lech zu weideren Inhalter online.

Frot Äert Kaartespill gratis bei Ärer Gemeng un a behaalt d'Iwwersiicht iwwer Är Telekommunikatiouns- a digital Servicer.

Eng Initiativ vu **MyConnectivity**, fir e connectéiert Lëtzebuerg ze schafen, dat fir all Mënsch oppen ass.

YourConnectivity Box

Le bon outil pour un numérique plus sûr et plus clair.

Vous vous êtes déjà demandé...

- Comment résilier un contrat sans prise de tête?
- Comment tester votre vitesse Internet?
- Comment protéger vos mots de passe, vos données et vos droits?
- Comment repérer arnaques et fausses infos?

MyConnectivity a édité un jeu de cartes qui répond clairement à 40 questions que tout le monde se pose!

Chaque carte vous apporte:
- des **explications simples et concrètes**,
- des **conseils pour éviter les pièges**,
- des **QR codes** vers du contenu supplémentaire en ligne.

Demandez votre jeu de cartes gratuitement à votre commune et prenez le contrôle de vos services télécoms et numériques.

Une initiative de **MyConnectivity**, au service d'un Luxembourg connecté et ouvert à tous.



LABOMOBILE

YOUR HEALTH OUR MOBILITY

SAEUL

All Mëttwoch - 9:00 bis 11:00 **9, rue Principale (vis-à-vis vun der Gemeng)**

Bluttanalysen, ofgi vun Urinanalysen esou wei all aner Prouwen







Méi Informatiounen: labomobile.lu

Dir kennt iech net deplaceieren?
Mat eisem Service PICKEN DOHEEM komme mir gratis op d'Adress vun ärer Wiel, sief et bei iech Doheem oder op ärer Aarbecht.

MADE IN LUXEMBOURG

BIONEXT
LABORATOIRE LUXEMBOURGEOIS D'ANALYSES MÉDICALES

BICHERBUS

2026 - 2026

Mäerz - Juli

wuer a wéini kënnt de Bicherbus

T15		SAMSCHDES
Äischen	08:40 - 09:40	**14. Mäerz**
Sëll	10:00 - 10:45	**04. Abrëll**
Hiefenech	11:20 - 11:50	**25. Abrëll**
Berbuerg	13:40 - 14:25	**16. Mee**
Rued/Sir	14:45 - 15:30	**06. Juni**
		27. Juni
		18. Juli



Geseemsmëschungen
fir Lëtzebuerg
aus zertifizéiertem regionalem Ubau

Mélanges de semences
pour le Luxembourg
issues de cultures régionales certifiées

Et ass nees Zäit fir Blummewisen unzeleeën. Besuergt lech elo déi passend LUX-Mëschung!

C'est à nouveau le moment de semer. Optez dès maintenant pour un mélange LUX adapté à votre jardin !

Blummewise fir méi Biodiversitéit
Des prés fleuris pour plus de biodiversité

D'Uleeë vun aarteräiche Blummewisen hëlleft d'Vilfalt vun eisen Insekten ze erhalen andeems se Liewensraum a Fudderreserven ubidden. Dofir ass et awer wichteg, Mëschungen mat heemesche Wëllplanzen aus zertifizéiertem regionalem Ubau vu *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* ze benotzen.

L'aménagement de prés fleuris contribue à préserver la diversité de nos insectes en offrant nourriture et habitats à de nombreuses espèces. Il est donc important d'opter pour un mélange de semences composé de plantes sauvages issues de cultures régionales, certifiées de ***Wëllplanzesom Lëtzebuerg***.

Fir Flächen an den Dierfer a Stied stinn follgend Mëschungen zur Verfügung:
Pour les surfaces dans le milieu urbain, les quatre mélanges suivants sont disponibles :



Prairie fleurie



Pelouse fleurie en gravier



Bande fleurie pour papillons



Joints fleuris

Wëllplanzesom® Lëtzebuerg

Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?
Où trouver les mélanges LUX ?



Kaartegrond: BD-Top © Administration du Cadastre et de la Topographie, Luxembourg.

Weider Informatiounen fannt Dir op – plus d'informations sur www.wellplanzen.lu



Wëllplanzesom Lëtzebuerg gëtt vum Ministère fir Émwelt, Klima a Biodiversitéit finanzéiert a vum Naturschutzsyndikat SICONA koordinéiert.
Wëllplanzesom Lëtzebuerg est financé par le Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité et coordonné par SICONA.

Wëllstauden
fir Lëtzebuerg
aus zertifizéiertem regionalem Ubau

Vivaces sauvages
pour le Luxembourg
issues de cultures régionales certifiées

Et ass nees Zäit fir Staudebeeter unzeleeën. Besuergt lech elo déi passend LUX-Stauden!

C'est à nouveau le moment de planter. Optez dès maintenant pour des vivaces LUX adaptés à votre jardin !

Staudebeeter an naturno Gäert
Parterres de plantes vivaces sauvages

Wëllt och Dir an Ärem Gaart déi faarwefrou Bléiepracht vu wëlle Planze genéissen? Da sollten d'Wëllstaude vu *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* onbedéngt eng Plaz an Äre Beeter a Backe fannen. Och déi gebittseegen a méijoereg Wëllstaude begeeschteren net just eis Mënschen, mee och eis sëlleg Insekten an aner Déieren.

Vous aimeriez, vous aussi, profiter de la floraison multicolore des plantes sauvages dans votre jardin ? Alors les vivaces de ***Wëllplanzesom Lëtzebuerg*** devraient absolument trouver leur place dans vos parterres et vos bacs. Tout comme les prairies fleuries, les plantes vivaces sauvages locales et pluriannuelles font le bonheur des humains, des insectes et de nombreux autres animaux !

Hei e puer Beispiller vun den Aarten, déi Dir kafe kënnt:
Voici quelques exemples des espèces disponibles :


Roude Compagnon
Compagnon rouge


Wise-Margréit
Grande marguerite


Wisen-Zalfei
Sauge des prés


Fierwer-Hondskaméileblumm
Cota des teinturiers

Wëllplanzesom® Lëtzebuerg Stauden

Wou kann ee LUX-Staude kafen?
Où trouver les plantes vivaces LUX ?



Kaartegrond: BD-Top © Administration du Cadastre et de la Topographie, Luxembourg.

Weider Informatiounen fannt Dir op – plus d'informations sur www.wellplanzen.lu

Wëllplanzesom Lëtzebuerg gëtt vum Ministère fir Émwelt, Klima a Biodiversitéit finanzéiert a vum Naturschutzsyndikat SICONA koordinéiert.
Wëllplanzesom Lëtzebuerg est financé par le Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité et coordonné par SICONA.



RÄTSEL ronderëm d'Gemeng an Ouschterdag



D'Servicer vun der Gemengeverwaltung sinn zoustänneg fir d'Konzeptioun, d'Koordinatioun, d'Ëmsetzung an d'Publikatioun vum Gemengebuet.

Bei dëser Editioun vum Buet hunn un de jeeweilege Rubricke matgeschafft a matgeschriwwen:

Les services administratifs de la commune de Saeul sont responsables pour la conception, la coordination, la mise en œuvre et la publication du bulletin communal.

Pour cette édition du bulletin ont collaboré et écrit dans les rubriques respectives :



Kim MOHNEN (K.M.)
service relations publiques
- Matdeelungen un d'Bierge
- Eis Chantieren
- Gemengeprojeten
- Wat war lass
- Kommunikatioun
- Tourismus & Lokal Geschicht



Patrice VERSCHEURE (P.V.)
Maison de l'eau Attert
- Aktualitéit



Joé Wolff (J.W.)
secrétaire communal
- Gemengerotsrapporten
- Gemengefinanzen
- Aktualitéit

Administration communale de Saeul
- Photos

Gemeng Séll



Nadine Deuerling
secrétariat communal
- Gemengerotsrapporten

Greg Foetz
Drszen Medakovic
AUTISME LUXEMBOURG asbl
Atelier Imprimerie digitale
- Mise en page
- Drock / Impression

AutismeLuxembourg



Michèle SCHEITLER (M.S.)
- Kannereck
- Fotoen / Photos

Numéros utiles

Administration Communale de Saeul

8, rue Principale L-7470 SAEUL
Tél. : 23 63 22-1 / Fax : 23 63 94 29
www.saeul.lu

Gérard Zoller, bourgmestre
E-mail : bourgmestre@saeul.lu
Tél. : 621 206 102
Leo Lutgen, échevin
Tél. : 621 206 103
Tom Staus, échevin
Tél. : 621 206 104

Conseil échevinal :
conseil.echevinal@saeul.lu
Conseil communal :
conseil.communal@saeul.lu

Secrétariat

Joé Wolff, Tél. : 23 63 22-20
Nadine Deuerling, Tél. : 23 63 22-21
Cinthia Hommel, Tél. : 23 63 22-25
E-mail : secretariat@saeul.lu
du mardi au jeudi de 8h30 à 11h30

Population / Etat civil / Relations publiques

Kim Mohnen
Tél. : 23 63 22-22
E-mail : population@saeul.lu
lundi, mardi, mercredi et vendredi
de 8h30 à 11h30
jeudi de 8h30 à 11h30 et de 14h00 à 18h30

Recette

Stéphanie Labranche
Tél. : 23 63 22-23
E-mail : recette@saeul.lu
du mardi au jeudi de 8h30 à 11h30

Service technique

Marc Staus
Tél. : 23 63 22-26
GSM : 621 511 882
Tim Schommer
GSM : 621 403 280
Aline Damit
Tél. : 23 63 22 – 31
E-mail : technique@saeul.lu
du lundi au vendredi uniquement sur rdv

Équipe infrastructures

Laurent Gengler
GSM : 691 13 57 90
E-mail : technique@saeul.lu
du lundi au vendredi sur rdv

Équipe jardinage

Benoît Wolff
GSM : 621 13 47 21
E-mail : technique@saeul.lu
du lundi au vendredi sur rdv

Garde forestier

Thierry Hollerich
GSM : 621 20 21 84
Tél. : 247 567 26
E-mail : thierry.hollerich@anf.etat.lu

École Saeul

Précoce : 26 61 79-40 /-42 /-43
Préscolaire : 26 61 79-13
RDC C2 : 26 61 79-23
1er étage C3 : 26 61 79-24
2ème étage C4 : 26 61 79-25
Fax : 26 61 79 29
www.ecoles-saeul.lu

Maison Relais Saeul

Tél. : 26 61 79-10
GSM : 691 866 930
Fax : 26 61 79 11
www.ecoles-saeul.lu

Presbytère de Brouch

Joël Santer
Tél. : 26 61 04 03

Ambulance / Pompiers

Tél. : 112

Police

Tél. : 113
Police de proximité Redange
Tél. : 24492 200
Police d'intervention Redange
Tél. : 24492 500

Centre Médical

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 23 62 42-1
Fax : 23 62 42-32

Laboratoires d'Analyses médicales

Ketterthill
18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Prélèvements du lundi au vendredi
de 6h30 à 11h00
Tél. : 48 82 88-700
Fax : 48 82 88-740
Prise de sang à domicile : Tél. : 48 82 88

Hëllef Doheem

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 40 20 80 - 4000
Fax : 40 20 80 - 4009
E-mail : redange@shd.lu

Help

10, rue Principale L-8544 Nagem
Tél. : 26 62 07 08
Fax : 26 62 07 18
E-mail : nagem.croix-rouge@hlp.lu

Home pour Personnes Agées St.François

2, rue de l'Hôpital L-8509 Redange/Attert
Tél. : 23 64 3-1
Fax : 23 64 3-701

Atert Lycée Redange

1, rue du Lycée L-8508 Redange/Attert
Tél. : 26 62 32-100
Fax : 26 62 32-299
E-mail : secretariat@alr.lu
www.alr.lu

DEA (Distribution d'Eau des Ardennes)

18, rue de Schandel
L-8707 Useldange
Tél. : 23 64 24-1
E-mail : dea@dea.lu

École de Musique du Canton de Redange

1, rue du Lycée
L-8508 Redange
Tél. : 23 62 08 76
E-mail : info@emcr.lu

Hôpital Intercommunal de Steinfort

1, rue de l'Hôpital
L-8423 Steinfort
Tél. : 39 94 912 07 1

SICONA – Naturschutzsyndikat

12, rue de Capellen
L-8393 OLM
Tél. : 26 30 36 25
E-mail : administration@sicona.lu

SIDEC

Fridhaff
L-9378 Diekirch
Tél. : 80 89 83 1
E-mail : communication@sidec.lu

SIDERO

11c, rue Irbicht
L-7590 Beringen/Mersch
Tél. : 32 58 60-1
E-mail : sidero@sidero.lu

Syndicat Intercommunal "De Réidener Kanton"

11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert
Tél. : 28 33 40 10
E-mail : info@kanton-reiden.lu

Syndicat intercommunal "Réidener Schwemm"

28, rue de la Piscine
L-8508 Redange/Attert
Tél. : 23 62 00 32-1
E-mail : info@reidener-schwemm.lu

RGTR

Arrêt de Bus *Gemeng Saeul*
Lignes de bus / Buslinnen : 901, 902, 903, 911